

Pressematdeelung vum 16. September 2020

Den 10. September 2020 huet ArcelorMittal matgedeelt, datt honnerte vun Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg géingen ofgebaut ginn. Ënnert deene 570 concernéierte Leit sinn der ronn 270, deenen hir Zukunft besonnesch onsécher ass.

ArcelorMittal muss sech elo senger sozialer Verantwortung stellen. D'ADR fuerdert awer och vun der Regierung, fir alles ze maachen, fir d'Konsequenze fir déi betraffe Leit esou kléng wéi méiglech ze halen. All Instrumenter, déi eis Aarbechts- a Sozialrecht bidden, mussen an dëser Situatioun an engem konstruktiven a solidaresche Geescht ënnersicht an, do wou et méiglech ass, och applizéiert ginn.

Wichtig ass och d'Begrënnung vun ArcelorMittal fir dee massive Sozialofbau. Mat un éischer Plaz steet do den „Emissions Trading System“, deen nëmme vun europäesche Produzente muss gedroe ginn. Domat ass déi europäesch Industri géintiwier hire Konkurrenten um Weltmaart net méi konkurrenzfähig. Déi gréng Politik wierkt also wierklech: elo fänken déi massiv ekonomesch a sozial Problemer un, déi deen onverantwortleche gréng Krich géint eis Industri zwangsleefeg mat sech bréngt!

D'ADR fuerdert d'Regierung dréngend op, fir op d'Aféierung vun enger Kuelendioxyd (CO₂)-Steier ze verzichten! Esou Steieren hëllef dem Klima net, mee si schueden eiser Ekonomie, kaschten Aarbechtsplazen a maachen d'Leit méi aarm.

Och d'Aféierung vun neie protektionistesche Moosnamen op europäeschem Plang ass an dësem Fall keng Léisung! Si géingen den Zougang zum Weltmaart nach méi schwéier maachen an negativ Reaktiounen vun anere Länner provozéieren, déi eis laangfristeg nach méi Aarbechtsplaze géinge kaschten. An der Europäescher a Lëtzebuerger Stolindustri géinge si zu engem Investitiouns- an Innovatiounsverfall féieren an domat zu engem laangfristegen Standuertnodeel.

Am Intressi vun deene ville Beschäftegten an der Industri a vum Stolstanduert Lëtzebuerg verlaangt d'ADR eng Ëmweltpolitik déi international esou koordinéiert ass, datt si d'Kompetitivitéit vun eiser Industri net a Gefor bréngt.

Matgedeelt vun der ADR